



# E Geheimpolizist.

E Reibersteckelchen aus der Vakanz.

## PERSO'NEN:

Wumbu, e Reiberhauptmann.	Jeiz, e Brigadier.
Muck,	Flang, e Gendârm.
Jank,	E Bre'fdre'er.
Schro,	En Zammermann.
Lull,	Leo, e courage'erte Jong.
Flory a Friedo, zwe' Jéngelcher.	E Notär.
King, e Polizeikommissär.	Leit aus dem Duoref.

## I. AKT.

(De Wumbu setzt mat senge Gesellen am Besch ze délen, wat se fir d'lèschte gerafft hun.)

Wumbu: Ech sin den Hèr! Mir gehe'ert d'Haptsâch!

Muck: Ech hât moi Kapp awer och an d'Spîl gesat!

Wumbu: Do huos d'èng Auerkëtten.

Jank: An ech dann?

Wumbu: De' Spengel ass genug fir dech, du bass nach me' jonk!

Schro: Ech hätt gèr dé Portefeuille do!

Wumbu: Do, du bass ê vun de Frèchsten, dé kent dir zo'!

Lull: A fir de Benjaminchen?

Wumbu: Du ges e Spetzbo'f we' en am Buch stêt, de' Zigare si grad deng Affär, lôss der se gutt schmâchen! — An d'Geld, Jongen, dat ass fir de Papp. Wat nach am Sâk stecht, hale mir fir de Stot. Dir kritt jo all mat dervun!

All: Gutt, Wumbu! Le'er ons erem en anere Coup!

Wumbu: Ha, Jongen, dir huot èr Sâch de' lèschte Ke'er gutt gemâcht! An dem Auerbutek war d'Affär gutt gângen. Mir mussen emol nach eng Ke'er dur kucke goen wivill Auer et ass.

Muck: Et war awer Zeit unzedrecken, soss hât de Wecker gerabbelt.

Jank: Ons kritt kên!

All: Kêñ! kên!

**Jank:** A wann eng Ke'er de' blo Féchis ze no kommen, krope mer ons ên a schléien en an ons Hiél eran.

**Wumbu:** Huos d'och alles gutt verstoppt, Jank?

**Jank:** Tipptopp, Mêschter! Ech mèngen, ech fannen et sèlwer net erem!

**Wumbu:** Jongen, mir darfen net schlofen, mir musse rawen a rawen, bis mer en décken, décke Ko'p hun, Geld an allerhand!

**Lull:** Bis mer reich, stêreich sin....

**Wumbu:** An da könne mer s'all auslâchen! Hahaha!

**All:** Hahaha!

**Muck:** Schwätzt net ze hârt, et könnt ên ons he'eren!

**Lull:** (war ofgesprongen, huot ronderömmer gekuckt, kent opgerégt gesprongen.) Jongen, et kent ên!

**All:** Wo'? Wo'?

**Lull:** Do, de Pad erop!

**Wumbu:** A la bonne heure! E Bre'fdre'er! Jongen, e flott De'er! Dén huot Mönz. Mir huolen em alles!

**Jank:** Alles! d'Kâp nach mat!

**Wumbu:** Lull, du kens vun dèr Seit erbei, frés em en Timber, a wann en de Portefeuille eraushelt, pâckst du en un a jeitzt: Hurra! Da komme mir! —

**Lull:** D'accord! (Fort: de' eng lenks, de Lull rechts.)

**Bre'fdre'er:** (löschtег, schwènkt de Bèngel a peift e Lidd.)

**Lull:** Wann ech gelifft, könnt ech en Timber vu 60 cts. kre'en?

**Bre'fdre'er:** Ma gewöss, mein Hèr, ên Ablack! Mir hun nawèll gutt Wiéder haut!

**Lull:** Wann alt kên Donnerwiéder kent! (pâckt de Mann beim Hals a jeitzt:) Hurra! —

**Bre'fdre'er:** O! O! O! E Reiber! Reiber!

**All:** Geld oder Blutt!

**Bre'fdre'er:** O Hèrgott! Dir Hèren, mächt mech net do't!

**Wumbu:** Dei Geld eraus! Se'er oder . . .

**Bre'fdre'er:** E ch hu kê Geld.

**Jank:** Wat, hopp dé Sâck hir!

**Bre'fdre'er:** 'T ass moi Geld net, d'Post . . .

**Wumbu:** Egal wiem seint, ass hei et all?

**Bre'fdre'er:** Hei ass es och nach! Mais, mächt mech net do't!

**Wumbu:** So' pâck aus! Ass dat et all?

Bre'ïdre'er: Ech hu kë Su me'! O Gott! ech verle'ere meng Plätz!

Wumbu: Nun net gehault! Dir ass jo neischt geschitt! Der Polizei neischt gesot, soss ass et dein Do't. Dir ve'er, fort mat em bis bei de' ronn Buch, an da lösst der e lafen!

All: Hopp, komm, a vif! (of)

Wumbu: (elèng) So', lo ass dat Geschäft erem gemâcht! We' et schengt, ass et gutt ausgefall! De' aner brauche net grad ze wösse wat et go'f. So', (stecht eng Parti an) dat ass emol rîcht era fir mech! A vum Rèscht kre'en se en Drénkgeld!

All: (Kommen erem.)

Lull: Wat dé geziddert huot!

Jank: Et war eng Schlofhauv, soss hätt en sech dach e bössche gewiehrt!

Muck: An dann och nach!

Schro: Dann hätt e we'nigstens e blot A mat hêm geholl, so' huot e neischt me'!

Jank: Ass e bösschen erausgefall, Mëschter?

Wumbu: Alt eso', Jongen! 6000 Frang! Do, en Drénkgeld fir jidderêñ, de Rèscht fir de Stot! Elo hëscht et opgepasst! Wann de' Huosepatt mat der Polizei kent, musse mir ons op alles gefâsst halen!

Lull: (kent erem gesprongen) Jongen, et kent erem en Hiéschen!

All: Wo'? Wo'?

Wumbu: Dén do ass me' gefe'erlech! En Zammermann mat der decker Åxt.

Jank: Dén huot neischt, lösst dé goen!

Wumbu: Wat! De Lo'hn vun enger Woch! Ömmer dat, an de' Axt könne mir brauchen! Op Posten: Jank, d'Reih ass un dir! Du frés em Fixfeier fir deng Peif an da wëss du jo was de ze mâchen huos!

Jank: Gutt. Hopp, fort!

Zammermann: (en Duch mat Geschir um Réck, geseit de Jank kommen.)  
Oho! bleiw mer 10 Meter vum Leif oder! (hiéft d'Axt.)

Jank: Ah so'! Da wärt!

Zammermann: Jo, da wärt! Dén hei fërt net. (E lét alles nidder an höllt de Jank mam Hals. Sie wènzelen zesummen, da kommen de' aner.)

Zammermann: Meng Axt! Meng Axt!

Wumbu: Bannt en! Bannt en! (En Durchernêñ o'ni Enn.)

Zammermann: O, dir Spetzbo'wen! Dir fand èren Hèr! En ármen Arbechter z'iwerfalen! (wiehrt sech) Liéweg sollt dir all verbrannt gin.

Wumbu: Sicht nom Geld!

Jank: Ech hun de Portefeuille! De Portefeuille!

**Muck:** An ech hun d'Mönz.

**Wumbu:** Lull, dro du d'Handwirksgeschir hêm, dén Hèr do këft sech aneres!

An dir! bann t'em d'Fe'ss lass, mais lösst em d'Aerem zo' an da fe'ert der en bis bei de Stén iwert d'Bâch a lösst e lafen. Jank, mir de Portefeuille! —

**Jank:** Heit, Mêschter! — Fort mat dir!

**Zammermann:** Mei sauer verdéngte Lo'hn! O, an der Häll brènn der all! Wårt, mir fannen iech! (of)

**Wumbu:** Wo' kann dé Mann sech eso' irgern? 'T ass em dach neischt geschitt. De' aner Leit können och net vum Wand liéwen! —

**Jank:** Mêschter, dat war kë Giédlechen! Wat dé Feischt hât!

**Wumbu:** Mir packen s'all! Ons ass kë Widderstand ze lëschten! Wat gi mir Hèren! Lo ze'e mer ons zreck. An der Hiél, ennert der Fiéis get dat Weidert besprach. Du, Lull, bleiws op Posten, fir wann èppes Apartes passe'ert. Da ges du direkt Meldong. (Se peifen e Lidd, all of.) (Flory a Friedo, zwe' Jéngelcher kommen, jidderén e Kierfchen am Arem.)

**Flory:** Ech hun dir et jo gesot: Mir fanne këng Champignons hei! An ènger Pèrch, sot meng Mamm!

**Friedo:** Am Besch sin der och! De' so' sche'n gedre't si we' Eisekichelcher a giel we' Eer, de' sin och gutt.

**Flory:** So emol, et ass haut eso' gelungen am Besch!

**Friedo:** Ech mèngen du drêms.

**Flory:** Hei, do leit eng Kâp!

**Friedo:** Jo, engem Manu seng! 'T ass nach Sémiél drop. 'T schéngt engem Schreiner seng ze sin!

**Flory:** Wo' soll e Schreiner hier kommen an eng Kâp verle'ren. Et ass eso' gelungen hei!

**Friedo:** Hal dach op, du dés ên nach fèrten!

**Lull:** (kent vun hinnen erbei, ganz irendiech) Wat huos du do, mei Jéngelchen?

**Friedo:** Eng Kâp. Do lo'g se!

**Lull:** Gef mir de' Kâp! (pâckt se mam Arem) An dir zwe' git elo mat mir! (Flory a Friedo jeitzen a kreischen.)

**Lull:** Nu kë Kome'di! Et geschitt iech neischt.

**Flory a Friedo:** Löss ons goen! Mir gi bei ons Mamm!

**Lull:** An ech soen, dir bleiwt hei! (peift eng Ke'er) Nu stöll mat dém Ge so'ers, soss get mol aner Mönz, ech kann och franze'sch! (De' aner kommen erbei.)

**Wumbu:** A wat fir zwe' Kromesvulle sin dat dann?

**Lull:** De' kommen an de Besch stiélen!

**Flory a Friedo:** Mir stiéle net! Et ass erlابت!

**Wumbu:** Nu gef net frèch, klènge Spatz. Verbannt en d'Aen!

**Flory a Friedo:** (se di Krêsch) Nêñ! Nêñ! Mamm! Mamm!

**Wumbu:** (zum Flory) Wat ass dei Papp? We' schreiwst en sech?

**Flory:** Notär dohém. E schreiwst sech Müller.

**Wumbu:** (zum Friedo) An dei Papp?

**Friedo:** Scho'ster, mir si Nopeschkanner!

**Wumbu:** Fe'ert mer de jongen Hèr Notär fort.

**Flory:** (jeitzt a wiehrt sech sovill e kann. Rift emmer hârt:) Friedo! 't si Reiber! Reiber! O Mamm! —

**Wumbu:** (zum Friedo, bent em d'Ae lass) Nu mâch dech se'er hêm! A mâch dass du geschwen fort bass!

**Friedo:** An de Flory?

**Wumbu:** Kömmer dech net em dén! Siéf fro' dass dir neischt geschitt ass.

**Friedo:** (rifft hârt) Flory! Flory! A wann dém èppes geschitt! Ech gin net o'ni de Flory hêm!

**Wumbu:** Gés du wuol goen!

**Friedo:** An ech gin net! Wo' ass de Flory? Be'se Mann, wo' as en?

**Wumbu:** Dem Flory geschitt gur neischt! Mâch dech ewèg, a vif!

**Friedo:** O wârt, mir si geschwen erem! An da gêt et iech net gutt! — (of)

**Wumbu:** Wat e gelungene Knirps! Wann ê ge'f fèrten, et krit ê nawèll Angscht! (Peift, sie kommen all) An der Reih?

**Muck:** An der Reih, Mêschter! E setzt an der deischtrer Kummer, ass mat der decker Ketten ugebonnen a brellt we' e Le'f.

**Wumbu:** Lôsst e brellen! Do hu mer en decke Fesch gefângen. De Papp Notär! Dén huot Suen! Eng hallef Millio'n musse mer kre'en, soss gi mir d'Meischen net eraus!

**All:** Eng hallef Millio'n!

**Wumbu:** De' kre'e mir! Nach haut get de Bre'f geschriwen. Dur bei de' deck Buch muss en se léen. Nach des Woch, an dann hu mir onst Schéfche geschuor! Verstoppt dén deire Jong nemme gutt, ass kên en he'ert jeizen! En ass eng hallef Millio'n wert!

**All:** (werfen d'Hitt an d'Lücht) Eng hallef Millio'n! Hurra! Hurra!

RIDO!

## II. AKT.

(D'Polizei kent mam Bre'ídre'er, dem Zamermann, dem Friedo, dem Flory sengen Eltern a Leit aus dem Duoref op d'Bühn.)

**King** (Polizeikommissär): Also, hei soll de' Plätz sin wo' de' Band iech iwerfall huot.

**Bre'ídre'er**: Gewess. Hèr Kommissär, hei, do —— do leit nach e Knapp, dén se mer vun der Uniform eroferappt hun.

**Zamermann**: Jo, hei war et, ech erkènne mech gutt erem! Ennert der decker Bich do ass meng Kâp mer ewèg geflun.

**Friedo**: Hei op desem decke Stê so'tze mir we' d'Reiber ko'men — do hate mir d'Kâp fond.

**King**: Ja, hei matzen am Besch, wirklech eng gefe'erlech Plätz. Awer wo' sollen sie elo sin?

**Leo**: Mir müssen no e siche goen!

**King**: Du schwätz jo we' e Buch o'ni Bliéder! Da ge' du no e sichen! Dohin? Dohin? Dohin? Dohin?

**Leo**: Wa mir hei stoe bleiwen, da lâchen se nemmen.

**E Mann**: Sollen se net op de Bém setzen?

**All**: (sie lâchen) Da wèren et jo Kuoben!

**En aneren**: Am Buodem leien se.

**King**: We' d'Féchs an d'wöll Karnengercher! Ja, we'sste mir wo' se wären!

**Notär**: Hèr Kommissär! Et sin ech Féchs, an net licht fänken. Awer ech muss mei Kand cremkre'en. Mein hèrzegt Kand! Dén ârme Kierelchen soll schons vu lauter Angscht gestuorwe sin! O, ech kann net drun denken! Seng Mamm ass we' ausser sech. Ech hu besser d'Geld hier léen! Wat leit mer un de Suen, wann ech mei Kand nemmen erem hun!

**King**: Et wär vleicht das Bèscht, Hèr Notär!

**Leo**: Nêñ! Kê Su kre'en se. de' Spetzbo'wen. Alles gin s'erem, an e'schter Plätz de Fiory, an dann all Suen. de' se geholi hun. Alles wat se johrelâng geravt hun, an da packe mir sie sèlwer!

**King**: Huot ên awer schons eso' èppes gesin! Mèngs du ——?

**Leo**: Papperlappa!

**King**: Schwätzen ass kê Geld!

**Leo**: Lo get och net me' geschwat! An enger halwer Stonn musse mir se hun.

**Flang**: Musse mir ——! Ech woll!

**Leo:** Iwerlôsst mir d'Affär! Ech hun e Plang. Verstoppt iech heieremmer.  
Hèr Kommissär, get mir èr Pisto'leng.

**King:** Sie gêt awer lass!

**Leo:** Dat soll sie och! A wann e Schoss fällt, da kommt der all. E'schter net!

**Notär:** Wat sollst du, mei Kand, wuol elèng ge'nt eso' eng Band mâchen.  
Du sèlwer....!

**Leo:** Kèng Angscht, Hèr Notär! Ech fèrte net. Ech wollt weise wat ê mat  
Courage fèrdeg brengt, wann ê fro' mat engem ass! Mir müssen de  
Flory eremkre'en. et ka kaschte wat et wollt! —

**Notär:** Mein halleft Verme'ge kriss du, wanns de dat ferdeg brengs.

**King:** Ruff ons nemmen, da wèrds du mol e Spâss gesin.

**Leo:** Nu git all, luos, dass kên iech he'ert! Sie sollen nach Spio'nен aus-  
sètezen! Mâcht e gro'ssen Tour an da kommt der hier erem. Uocht gin,  
wann de Schoss gêt!

**All:** Courage, mei Jong! Bonne chance! — (of)

**Leo:** (elèng) Ja, de' Sâch ass dach net eso' einfach! Wo' kann dé sche'ne  
Besch so' onhêmlech sin! — Hopp, hei get net gefârt! (Kne't nidder,  
falt d'Hänn) Hèrgott, du bass stârk, du hèlefst den Onschöllegen a  
Schwâchen, mâch dass ech de Flory erauskre'en! (E Moment ganz  
stell, we' wann e lauschte re wöllt, da sprengt en op.) So', lo wèrd  
d'Sâch schons goen! (Kuckt em sech) d'Pistoleng verstoppt — Wié gèr  
Fulle fängt, darf net mat Klöppelen dran haen! Wié gèr Reiber fängt,  
muss sech klug uléen! (Greift an d'Täsch.) Ha, hei hu mer d'Aneis fir  
d'Féchs. (Schwängt eng Fläsch mat engem sche'ne ro'de Likôr.) Hu!  
èppes Feines! Dat hun d'Reiber gèr! De' Pètteren hu gèr e feine Patt!  
Mei Papp sét emmer:

En Zigar an e Gliésche Wein,  
De' mâchen op all Dir, all Schrein — o'ni Schlessel! Zigaren hun  
ech och! —

So', da lôss mech kucken, op ech kèng Kreider fir an d'Apdikt fannen!  
Dir musst gutt verstoen, ech siche kèng Kreider, mais ech sichen de  
Flory! (E peift a singt e Lidd aus dem Besch, bal op der Bühn, bal  
vun der Bühn eroft. Ass e vun der Bühn eroft, da kent hêmlech de **Lull**  
vun enger Seit erbei geschlacht.)

**Lull:** Wat fir e Kromesvull ass dat? Soll dé vleicht d'Sue vum Notär hun?  
(Rifft) Hé, Klèngen, komm emol hir!

**Leo:** O, wat eng sche' Flent hu dir!

**Lull:** Hä, de' ge'f dir nawèll gefalen.

**Leo:** Sit dir e Jéer?

**Lull:** Lo froen ech dech emol wiens du bass?

**Leo:** Ech? Ech kommen aus engem Duoref...

**Lull:** Aus dem Duoref wo' den Notär ass?

**Leo:** Jo, an onsem Duoref ass en Notär.

**Lull:** Nu so et se'er: Huos du Soue vum Notär kritt?

**Leo:** Ech Souen! (lächt) keng Ahnong! Meng Mamm hat mer emol eng Ke'er 5 Sous — —

**Lull:** Genug. Huot ère Notär vill Souen?

**Leo:** Sche'nen Hèr Jéer, frot mech net no Souen, dèr kann ech iech keng gin, awer ech kann iech èppes anescht gin! (Weist d'Fläsch.) Komm, mir setzen ons emol.

**Lull:** Weis de' Fläsch emol hir!

**Leo:** Neischt am Eifer, Hèr Jéer! Ech wêss, d'Jéer drenke gèr e gutt Glas, zumol hei am sche'ne Besch! Schmâcht dat emol.

**Lull:** (richt emol, zwêmol) Hm! (drenkt aus) Hm! Ma jo, do ass èppes Extraes!

**Leo:** Hei, huolt nach eng, op engem Bê kann ên net lafe, sét mei Papp.

**Lull:** A wo' huos du dé guddc Likör kritt?

**Leo:** Gèlt, elo hätt dir schons gèren d'Fläsch! Dén huot meng Mamm gemâcht mat déne Kreider, de' ech hei am Besch sichen.

**Lull:** So', da wars du dofir an de Besch komm. Fèrts du da net?

**Leo:** A wat soll ech da fèrten? Et sin dach keng Reiber am Besch! Et könnnt ê wuol verluor goen. Vir e puor Dég ass e Jéngelchen aus onsem Duoref verluor gâng — heit, huolt nach eng Dröppchen! —

**Lull:** We' hêschte dé Klèngen dann?

**Leo:** Flory war sei Numm! Heit, huolt nach eng!

**Lull:** Luos! Luos! mei Jong! Dat Dénge schmâcht we' Huneg a Schmant, awer et gêt engem an de Kapp!

**Leo:** Engem flotte Jéer darf dat neischt ausmâchen. Fômmmt och en Zigar!

**Lull:** So' ên ass mir nach net bege'nt, du misst me' daks an de Besch kommen!

**Leo:** Da könnnt et mir och goe we' dem klènge Flory!

**Lull:** Dei Papp ass dach net Notär!

**Leo:** Hei, wösst Dir dat? Da wösst Dir och èppes vum Flory.

**Lull:** Jo, ech wêss wo' en ass.

**Leo:** Heit, huolt nach eng Dröpp! Huolt le'wer d'ganz Fläsch.

**Lull:** Ma dat ass de Coteng! Wat wèrden de' aner kucken!

**Leo:** Sin nach aner Jéer am Besch?

**Lull:** Jo, Be'fchen (sètzt d'Fläsch un de Mond an drenkt, dann ass e voll)  
Jo — o — o, mei — Klèng — eng — en. Mir — ha — te Klapp — juogd —  
an — hun de Flo — Flo — ry ge — fân — gen...

**Leo:** A wo' ass en dann?

**Lull:** Ha! Haha! Dat soen ech — kèn — gem!

**Leo:** Jé, sot mir et! Net. Heit huolt de' Zigaren!

**Lull:** A nén! Ennert — der decker Bich lenks eng Hiél — do annen... a nén,  
ech soen dir et net!

**Leo:** (kéng) A dir sot mir et net! Da wârt, da soen ech iech elo èppes! Dir  
sit ê vun de Reiber! Da wârt! Flang! (Pâkt e mam Krag, zitt e nidder,  
bent em Hänn a Fe'ss zesumme mat Séler, de de Reiber sèlwer hat.)  
So', mei Männchen, ech sot jo, mat dém Aneis fängt én d'Féchs! — Ech  
wêss wo' de Flory ass a muss en och eraus kre'en.

**Lull:** (an enger Roserei) Spetzbo'f! Spio'n! Ooo! Löss mech lass! Et gêt fir  
de Kapp! Hu! Hu! Hu! (bröllt) Höllef! Höllef!

**Leo:** Hälst du de Mond, Spetzbo'f! oder ech stoppen der e mat Moss zo'!  
(E beckt sech fir em de Mond zozehalen, du kommen de' aner Reiber  
vun alle Seiten erbei.

**All:** Wat ass? Wat ass? Lull!

**Leo:** Sit der all do! A la bonne heure! (E krit nach Zeit fir eng Ke'er ze  
sche'ssen.)

**Wumbu:** Werft iech op en! Bannt en! D'Gewiehr of! (E get dem Lull e  
Fo'ss hannebei) Ass dat eng Wuocht? Wârt, Männchen, un e Bam ges  
de gehâng. — (Dem Leo seng Mann kommen och vun alle Seiten erbei.)

**King:** (rifft ganz hârt) Zwe' Mann op ê gebonnen! d'Gewiehrer of! (Et get  
e gro'ssst Durchernêr bis d'Reiber all gebonne sin. — Et he'ert ê Wirder  
we' Spetzbo'wen! Mârder! O lôsst mech lass!)

**Leo:** Friedo, komm mâch se'er meng Séler lass! —

**Friedo:** Hei, ech hun e Messer! Ha! ha! ha!

**King:** Ha, mer hun et gepackt! Schlêft se dur an eng Reih! —

**Jank:** Au, mein Arem!

**Flang:** Spierst du et elo! Dénen aner huot et och we'h gedoen!

**Notär:** Wo' ass mei Kand?

**Wumbu:** Mâch dass kên et sét. Erhéngere soll et! Erhéngere muss et!  
Agespârt ass et! Mâch dass kê sét wo'!

**Leo:** Kèng Angscht, Hèr Notär, ech wêss wo' en ass. Dén do huot mer et  
gesot — Bei der ronner Bich — an der Hiél.

**Wumbu an de' aner:** Lull! Lull! Un e Bâm ges du gehâng!

**Lull:** (séngt emmer) O, wie ist der Wein so gut!  
**King:** Un e Bâm kommt der all hänken!  
**Leo:** Elo bleiwt der all hei, nemmen den Här Notär an ech —  
**Friedo:** Ech gin och mat.  
**Leo:** Da komm, mir lafen de Flory sichen. Ech huolen det Gewiehr. Hèr Notär, dir dem Hèr Hauptmann seint.  
**Wumbu:** (brellt) O lôsst mech lass! Ech schloen iech all zesummen! —  
**Leo:** Wumbu, de Schlessel eraus! (Se fannen de Schlessel a senger Täsch.) An nun de Flory sichen!  
**Notär:** Flory, mei Flory! (of)  
**King:** De Leo ass dach e patente Borscht! Wann ech nemme wösst we' en dat gemâcht huot.  
**Wumbu:** Ech kann iech dat soen. En huot dén Iésel do voll gemâcht! E Volle sét jo alles wat en um Hèrz huot. Et soll verbuode sin, sech voll ze drénken.  
**Lull:** (séngt emmer) O, wie ist der Wein so gut!  
**Wumbu:** Polizei, schlott en do't! Me' ass en net wèrt! Ech kann en net me' he'ren.  
**Flang:** De gudde Frend! —  
**Bre'fdre'er:** Ha, dir Brigangen! De Kro' gêt so' läng zo'm Bur bis e brecht! Lo ass e futsch! Kaputschi! Kapor!  
**King:** Mir hun och läng genug gesicht!  
**Zammermann:** Ha! Ech könnt ên do't drecken! Dir wèrd jo fannen, wat et hêschit Reiber spinnen.  
**E Mann:** Et waren och de' do, de' mir meng Hinger gehol!  
**En 2. Mann:** A meng Karnengercher hun s'och geklaut!  
**King:** Elo sin sie och geklaut!  
**Flang:** Ass vleicht ê vun dén Hèren duschtreg? Do ass d'Fläsch!  
**Lull:** O, wie ist der Wein so gut!  
**Wumbu:** Hâls du se. Canaille! Schnicki! Schnicki! Schnicki! — —  
**Bre'fdre'er:** Ewicki, wicki, an de Backi, Backi, Backi!  
**E Mann:** Hei, lo kommen sie schons mam Flory.  
**All:** Vive de Leo, onse Geheimpolizist. Vive! Vive!  
**Flory:** O do leien se! — Hèllege Schutzengel, ech danken dir! — Leo, o mei le'we Leo. Merci Leo! —  
**Leo:** Alles neischt.  
**Notär:** Ech hale mei Wûrt. Merci, dapere, courage'erte, gescheite Jong!  
**Leo:** Merci dem Himmel, dén emmer iwer de' Gutt wâcht!  
**King:** Merci, jonge Geheimpolizist, aus dir kann nach èppes gin. — An nun. hopp fort mat der Kutsch!  
(E Gemurmel durchernên.)

RIDO!